N°45
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Enseignement ginn et sougenannten Coordinateur de cycle. Zu hiren Tâchen gehéieren zum Beispill d'Organisatioun vu wöchentleche Versammlungen, déi an der Reegel 1,5 Stonnen sollen daueren. Do dernieft mussen si zum Beispill och d'Versammlunge leeden, si sinn fir den Ordre du jour verantwortlech an schreiwen uschléissend déi entspriechend Rapporten. Well et sech beim Coordinateur de cycle
ëm e Poste à responsabilité particulier handelt, kréie betraffe Persounen ënnert anerem e Supplement, eng sougenannte Prime de responsabilité. Do dernieft ginn hinnen dës Posten dann och mat Punkten am Echelon ugerechent.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Coordinateur de cycle kréien hei am Land eng Prime de responsabilité?
2. Wéi eng Posten am Fondamental si fir dës Primme eligibel a wéi eng Poste sinn dofir net eligibel?
3. No wat fir enge Krittäre ginn d'Persounen, déi dës Primme kréien, ausgesicht respektiv wat fir eng Fakteure spille beim Choix vun de Persounen eng Roll?
4. Wéi vill Posten am Organigramm ginn et déi dës Primme kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten